Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

Esou wéi a verschiddene Presseartikelen ze liesen ass, war de Generaldirekter vun der Weltgesondheetsorganisatioun (WHO) Tedros Ghebreyesus e Freideg, den 20. Dezember op Besuch zu Lëtzebuerg. Weider heescht et, datt hien an deem Kader mat der Regierung en Ofkommes iwwert eng strategesch Partnerschaft tëschent Lëtzebuerg an der Organisatioun, déi hie representéiert, ënnerschriwwen huet. Mat dësem Ofkommes soll Lëtzebuerg och déi finanziell Verflichtung agaange sinn, der WHO cumuléiert iwwer d'Joren 2025 – 2028 46,8 Milliounen Euro zoukommen ze loossen an zousätzlech e Separatbetrag vu 500.000 Euro fir d'Bekämpfung vun Mpox auszeginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi eng genee Vereenbarunge goufen nieft deem an der Press verëffentlechte finanzielle Volet an dësem Ofkommes festgehalen a wéi eng Verflichtunge si fir eist Land domat verbonnen? Zu wéi engem Delai wäert d'Regierung den zoustännege Chamberskommissiounen de vollstännegen Text zoukomme loossen?
2) Wéi ee Verwendungszweck ass fir déi 46,8 Milliounen Euro virgesinn? Gehéieren dozou och zukünfteg finanziell Obligatiounen, déi Lëtzebuerg am Prinzip scho ginn huet, wéi zum Beispill eis Membersbäitrag, oder handelt et sech ëm eng komplett nei, separat Budgetslinn?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéierten